

Neijooschpatt 2026

Den 10. Januar 2026 huet d'AL am Gemengenhäus zu Ueweraanwen hiren traditionellen Neijooschpatt ofgehalen. Mir soen der Gemeng Nidderaanwen villmools Merci datt mir hir Raimlechkeeten notze konnten, et war wierklech flott! Nodeems eise President an de Buergermeeschter Fréd Ternes eng Ried gehalen hunn, huet de President vun der AL dem Buergermeeschter stellvertredend fir d'Gemeng Nidderaanwen d'Sëlwer Plaqueette „Dicks-Rodangelentz“ fir aussergewöhnlech Verdéngschter fir d'Lëtzeburger Sprooch iwwerreicht.

D'Gemeng Nidderaanwen ass Pionéier, wat de Gebrauch vum Lëtzebuergesch an hiren Internet-Säiten ugeet. Dee Site ass – nieft villen anere Sproochen – och

integral op Lëtzebuergesch. Mat kuerzen, awer präzise Sätz, kann de Bierger do all néideg Informatiounen fannen, déi hie vu senger Gemeng kréie wëllt. Duerch eng Konventioun mam ZLS erlaabt d'Gemeng Nidderaanwen dem ZLS et, op hir Informatiounen zréckzegräifen a se z.B. an der „Sproochmaschinn“ oder an der „Schreifmaschinn“, déi vum ZLS entwéckelt goufen, anzesetzen. Et ass och gewünscht, datt aner Gemengen am Land vun der Aarbecht vun der Gemeng Nidderaanwen profitéiere kënnen.

Dono si bei engem Patt mat Virwëlzbrouten nei Kontakter entstanen, a mir si frou datt eng Rei Acteure vun der Lëtzeburger Sprooch mat vun der Partie waren.

Patrick Kael



De President vun der „AL“ Claude Bache, iwwerreicht d'Sëlwer Plaqueette un de Buergermeeschter Fréd Ternes an de Schäfte Jacques Bauer vun der Gemeng Nidderaanwen (v. l. n. r.).

Fir mech als Lëtzeburgerin ass d'Schwätzen eng Selbstverständlechkeet

Lëtzebuergesch ass meng Mamme-sprooch. A wann ech Bréiwer aus der Schoulzäit kucken, déi ech mat menge Frëndinnen geschriwwen hunn, muss ech schmunzelen. Deemools hunn ech mer keng Gedanken iwwert d'Schreifweis gemaach. Mir hunn et och ni geléiert, mee sou geschriwwen, wéi mer geduecht hunn. A jiddereen huet et verstanen.

Haut ass et anescht. Haut ginn ech eis Sprooch un Leit weider, déi a soziale Beruffer schaffen, déi am Kontakt mam Client, also och Lëtzeburger, stinn, Leit, déi sech integréiere wëllen, mee och Leit, déi aus Respekt eis Lëtzeburger Sprooch léiere wëllen. An dat mécht mech houfreg.

Vill Auslänner sinn erstaunt, nodenklech gestëmmt an ech krut och schonn eng Kéier d'Fro gestallt, firwat mir Lëtzeburger net méi houfreg op eis Sprooch sinn. An eierlech gesot, huet mech déi Fro iwwerrascht. Mee d'Madamm huet hir Fro erklärt, firwat gëtt net méi Lëtzebuergesch, z.B. a Geschäfte, Kliniken, beim Bäcker ..., geschwat. An ech hu geschmunzelt a ge-

sot, datt mer ebe frëndlech an héiflech sinn, an mir dofir ëmmer op déi Sprooch ëmswitchen, déi eise Géginuwwer schwätzt.

Sou gesinn ech et, och wann ech mer wënsche géif, datt en Dokter, mer op menger Sprooch erkläre kann, wat mäi

Meedchen huet an net duerno d'Infirmière, déi Lëtzeburgerin ass.

Nuje, ech si frou, datt ech ënnert menge Clienten awer och vill Leit aus dem Gesundheitssektor hunn. Vun Dokteren, Infirmière bis hin zum Kiné an Psycholog, mee wierklech vu bal all Berufsspart ass een derbäi. Dofir hei op dëser Plaz ëmmer Respekt a meng Unerkennung fir all déi Leit, déi eis Sprooch léieren a sech druginn ze schwätzen. An ech sinn houfreg hinnen all eis Sprooch méi nozebréngen.

Fir mech ass d'Lëtzebuergesch méi wéi eng Sprooch. Et ass Identitéit, Doheem-Gefill an eng Bréck tëscht de Mënschen. Et verbënnt Generatiounen a Kulturen, an et erënnert eis drun, wou mir hierkommen – och an enger Welt, déi ëmmer méi séier an international gëtt.

Corinne Glesener

Vu Bomien a Kandskanner

Kierzlech hat ech eng Diskussioun mat jonke Leit iwwer eis Sprooch. Vun ale Knacker(innen) war Riets, a vu Wieder an eiser Sprooch déi een net méi schwätzt, well se net méi an d'Zäit passen, resp. vun nei entstanene Wieder déi elo ubruecht wieren. Dobäi hunn ech mech gefrot ob se mech éieren och zu den ale Knacker(innen) zielen.

Do war meng Bomi, si konnt net méi schafen a war vill Joer bettleeeërech. Si huet sech awer nätzlech gemaach. Dat wat se nach konnt, war strécken. Meng Bomi huet jorelaang **Huese** gestréckt. Huese fir eis Männer doheem, déi op der Gewan an am Stall geschafft hunn, a fir mäi Papp op der Schmelz. Eng Onmass Huesen, si haten se nach laang no der Bomi hirem Doud am Gebrauch. Meng Mamm an ech, mir hate **Strëmp** am Schaf leien, a fir de Summer **Stitzercher**.

Ech sinn averstanen, datt eng Sprooch sech weider entwéckele muss, sech upassen a mat der Zäit goe muss wa se iwwerliewe wëllt, dat ass kloer. Ma muss een dofir all Wieder déi mir nach vu fréier kennen, ewech geheien, op de Späicher stellen, oder solle mir se nei opliewe loosson?

Do ass déi gutt al **Klunsch**, eent vu menge léifste Wieder. Mir haten, wéi mir an de 1960er Jore Kanner waren, keng Klunsch aus dem Buttek. Mir hunn eis Klunsch selwer gemaach. Aus Ficellé goufen déck Seeler getrëzt an un en Aascht an de Bam gehaangen, e Briet drop, a färdig war d'Klunsch! Oder mir hunn e Seel tëscht zwee Beem gespaant, a bis zu dräi Klunschen dru gehaangen. Wa mir da geklunscht hunn, ass d'Seel och alt emol gerass, a mir sinn zimmlech haart um Buedem ukomm.

Ech kréien eppes u mech, wann ech héiere soen: „Komm mir ginn op d'**Schaukel**“, oder „Kanner, gitt schaukelen!“ Firwat Schaukel? Wien huet domat ugefaangen, wa mir dach dat lëtzebuergesch Wuert „Klunsch“ hunn. Klunsch ass zäitlos.

Dann ass do dat Déierchen, d'**Seejomes**, oder wann een et séier ausschwätzt, Séjomes. Mir kréngle sech d'Neel wann ech héiere wéi e Kand seet: „Pass op, do sinn **Ameisen**!“ Firwat, froen ech mech als al(e) Knacker(in). Ass Seejomes ze graff? Wie stéiert sech dodrun? Mir hunn nach ëmmer sou gesot! D'Lëtzeburger si vum Urspronk hir, zu engem groussen Deel Baueren, Doléiner an Handwierker gewiescht. Do goung et méi ongehüwewelt zou. Et kann ee jo och **Séjomes** soen, oder net?

Do ass nach esou en Ausdrock, deen ech kierzlech héieren hunn. Ganz nei schéngt et,



„... Meng Bomi huet jorelaang Huese gestréckt. Huese fir eis Männer doheem, déi op der Gewan an am Stall geschafft hunn, a fir mäi Papp op der Schmelz ...“ (Fotos: Adobe Stock)

(oder ech sinn als Boma net méi um Lafenden!): Nach net sou laang hir, du koud de Kleeschen an huet en Teller voll gudder Saache bruet. „Dat **liben** ech!“ Do war vill gudder Schockela drop, „hm, ech liben deen!“ huet e Kand mir voller Freed verzielt.

Als Bomi oder al(e) Knacker(in) freeën ech mech och nach haut wann de Kleeschen kënt an en Teller voll gudder Saache bréngt. Dat **hunn ech gär**, a besonnesch de Schockela, hm, **dee schmaacht mir** am beschten.

Am Summer ware meng **Kandskanner** bei mir. Jo, sou gouf dach ëmmer gesot, Kandskanner. Ech maachen awer elo do en Ennerscheid. Wann ech vun engem eleng schwätzen, da soen ech mäin **Enkel** oder **Enkelin**. Also, wéi se sollten heem fueren, sot ech: „Ech hunn nach esou vill **Radisecher** am Gaart, huel der äech der net gäre mat?“ Du sot den elsten Enkel, mat engem Ausdrock vun Entgeeschterung a Matleed dat den Aen, an och am Toun: „Ma Boma, dat si **Réidercher**!“ S. L.



„... Ech kréien eppes u mech, wann ech héiere soen: „Komm mir ginn op d'**Schaukel**“, oder „Kanner, gitt schaukelen!“ Firwat Schaukel? Wien huet domat ugefaangen, wa mir dach dat lëtzebuergesch Wuert „Klunsch“ hunn ...“



De Witz-Eck

An der Schoul

Schoulmeeschter: „Pitti, firwat nenne mir eis Sprooch ‘Mammesprooch’ an net ‘Pappesprooch’?“

Pitti: „Ganz einfach, Här Schoulmeeschter! Dat ass, well de Papp doheem näischt ze soen huet.“

Polizei-Kontroll

E Polizist hält eng Automobilistin un:

– „Sot Madame, Dir sidd lo grad duerch Rout gefuer. Hat Dir déi rout Luucht dohannen net gesinn?“

– „Dach, mä lech hat ech net gesinn.“

(nach vill méi Witzer fannt Dir am Jérôme Lulling sengem Buch „170 Witzer op Lëtzebuergesch“ – ze kréie bei der AL)